piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14/10/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister weiderzeleeden.**

Wéi RTL mellt, wäert et zu Contern zu engem politesche Wiessel kommen. Déi aktuell Koalitioun, bestoend aus der CSV an LSAP, wäert duerch eng Gambia-Dräierkoalitioun bestoend aus der DP, LSAP an Déi Gréng, ersat ginn. Et ass iwwerraschend, dass hei keng Koalitioun tëschent den aktuelle Regierungsparteien zustane komm, wéi een aus dem Artikel liese kann.

*"Den CSV-Schäffen Yves Loose huet sech iwwerdeems erstaunt gewisen, dass vun den anere Parteien mat him kee geschwat gehat hätt, en Vue vun enger neier Koalitioun zu Conter."*

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Huet dat onsolidaarescht Handele vu der DP Konsequenzen op d'Vertrauen an der Regierung an Auswierkungen op d'Zesummeschaffen vun der aktueller Regierung?

Mat déiwem Respekt,

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés